ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84) un den Här Premierminister, den Här Bausseminister, d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

No RTL Informatiounen vun haut, reagéiert Däitschland mat drastesche Moossnamen op d'Lëtzebuerger COVID-Infektiounszuelen. Dozou wéilt ech den zoustännege Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatioun confirméieren? Wéi eng Moossname gëlle fir d'Lëtzebuerger, déi wëllen an Däitschland goen fir dat ganzt Bundesgebitt a wéi eng spezifesch fir wéi eng Bundesländer?
2. Besonnesch haart getraff sinn déi Lëtzebuerger Residenten, déi an Däitschland schaffen, well jo en "Tätigkeitsverbot" ausgeschwat gouf. Wéi an iwwert wéi eng Moossnam gedenkt d'Regierung, deene Leit séier an onbürokratesch ze hëllefen?
3. Wéi vill Leit sinn heivu betraff?
4. Erfëlle si d'Viraussetzunge fir e Chômage technique oder e Chômage partiel?
5. Fir wéi laang sollen déi Moosname gëllen?
6. Wéi ass et an deem Fall méiglech, datt d'diplomatesch Efforte vu Lëtzebuerg, déi jo anscheinend ënnerholl goufen, déi streng däitsch Moossnamen net verhënnere konnten? Ass et wouer, datt d'Regierung vun dësen däitschen Decisiounen iwwerrrascht gouf?
7. Wéi eng diplomatesch Aktivitéiten ënnerhëllt d'Regierung, fir d'Arees an Däitschland nees ze erméiglechen?
8. Zu Lëtzebuerg klammen d'Infektiounszuelen esouwuel wéinst der héijer Unzuel un Tester wéi wéinst der héijer Unzuel u Frontalieren, déi hei mat getest ginn, seet d'Regierung. Ass et nozevollzéien, datt d'Land vum Robert-Koch-Institut als Risikogebitt agestuuft gëtt?
9. Géing eng objektiv Analys, déi d'Frequenz an d'Zuel vun Tester mat den Infektiounszuele géing verbannen, en anert Bild ginn, bei deem Lëtzebuerg am Verglach mat aneren europäesche Länner besser géing ofschneiden?

10. Huet den Testing a groussem Ëmfang en direkte prakteschen Notzen oder ass de Wäert éischter mëttel- bis laangfristeg op medezinesch-wëssenschaftlechem Gebidd ze gesinn?
11. Ass an deem Fall bei allen Nodeeler, déi d'Land vun där Strategie huet, net vun dësen Tester ofzegesinn? Verleeden d'Resultater vum groussflächegen Testen méiglecherweis net just eis Nopeschlänner zu falsche Schlëss mee verstellen si och de Bléck op d'Lëtzebuerger Realitéit?
12. Sollte mir eis, wat d'Tester ugeet, un d'Praxis vun eise Nopeschlänner upassen?
13. Wou sinn am Abléck déi wichtegst Infektiounsquellen (d'Hot-Spotten) zu Lëtzebuerg a wéi eng Leit sinn heivu betraff? Wëll d'Regierung voll Transparenz spille loossen? Wat ënnerhëllt d'Regierung fir déi Haapt-Infektiounsclusteren ze neutraliséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten